Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/07/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, Finanzen & Administrativ Reform weiderzeleeden.**

Wann een un bürokratesch Prozeduren denkt, denkt ee gären och un d'Ausfëlle vu Pabeier. Ee moderne Staatsapparat muss am digitalen Zäitalter allerdéngs "paperless" fonctionnéiere kënnen. Nieft dem Fakt, dass digital Inhalter mat engem normalen Internetzougang vun iwwerall aus disponibel sinn, ass et eleng schonn aus ekologesche Grënn sënnvoll Pabeier ze vermeiden, wou et méiglech ass. Pabeier an Tënt kaschte Suen an dofir ass ee responsabelen Ëmgang mat dëse Ressourcë Bestanddeel vun enger nohalteger Politik.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Wéi vill Suen hunn déi eenzel Ministèren zu Lëtzebuerg säit 2014 all Joer fir Pabeier ausginn? Wéi ass des Entwécklung ze beschreiwen?
- Huet d'Regierung sech een Zil gesat, fir de Pabeierkonsum an de Ministèren an Zukunft ze reduzéieren? Falls jo, ëm wéi ee Montant (nominal an a Prozent) wëll d'Regierung de Konsum vu Pabeier an de Ministèrë par Rapport zu 2018 reduzéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député